LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister op d'Fro n°788 vum 27. Mee 2024 vun den éierbaren Deputéierten Sven Clement, Marc Goergen a Ben Polidori betreffend Basisbezuelkonten**

**1. Kënnen d'Ministere resüméieren, wéi eng Servicer bei esou engem Compte de paiement de base mussen abegraff sinn?**

D'Servicer, déi un ee Basisbezuelkont rattachéiert sinn, sinn am Artikel 27 vum Gesetz vum 13. Juni 2017 iwwer d'Bezuelkonten opgezielt. Am éischte Paragraph vun deem Artikel ginn zesummegefaasst, follgend Servicer genannt; Servicer déi et erméiglechen,

- all néideg Operatioune fir d'Opmaachen, d'Gestioun an och d'Zoumaache vum Kont duerchzeféieren,

- Suen op de Kont ze setzen,

- Sue vun deem Kont innerhalb vun der Europäescher Unioun an engem Guichet oder engem Geldautomat opzehiewen,

- verschidden Operatiounen, wéi Domiciliatiounen, Virementer an aner Paiementer, och online duerchzeféieren.

Dës Servicer musse vun de betraffene Banken ugebuede ginn, sou wäit se allen anere Konsumenten, déi een „normalen" Bezuelkont bei hir hunn, och ugebuede ginn.

**2. Wéi vill Persounen zu Lëtzebuerg profitéiere vun engem Compte de base? Wéi huet sech dës Zuel an de leschte 5 Joren entwéckelt?**

De Finanzministère huet dozou keng Statistiken. 2022 hat d'CSSF d'Banken, déi Basisbezuelkonte mussen ubidden, gefrot wéi vill där Konten zanter dem Akraafttrieden vum Gesetz vum 13. Juni 2017 opgemaach goufen. D'Zuelen, déi der CSSF deemools matgedeelt goufen, waren:

2017 : 119
2018 : 32
2019 : 24
2020 : 17
2021 : 15

Et sief hei präziséiert, dass d'Spuerkeess deemols keng Informatiounen matgedeelt huet, well se keen Ënnerscheed tëscht hire Basisbezuelkonten an deenen anere Bezuelkonten mécht. Dat heescht, dass all d'Clientë an deem Kontext d'selwecht behandelt ginn.

Ënnert dem Stréch sinn also just relativ wéineg Leit, déi op ee Basisbezuelkonto zréckgräife mussen, well déi allermeeschte Leit zu Lëtzebuerg vun deenen „normale" Bankservicer profitéiere kënnen.

**3. Hautzudaags brauch een op ville Plazen an och online eng Kreditkaart, fir kënnen ze bezuelen. Huet ee Client mat engem Compte de base een Urecht op eng Debit- a Kreditkaart?**

Laut Artikel 27, Paragraph 1, Ziffer 4, vum Gesetz vum 13. Juni 2017 gehéiert zum Basisbezueltkont och d'Méiglechkeet kënne mat enger Bankkaart ze bezuelen. D'Gesetz definéiert awer net, ëm wéi eng Zort Kaart et sech hei muss handelen.

**4. Am Gesetz vum 13te Juni 2017 iwwert d'Comptes de paiement steet geschriwwen, wéi eng Banke mussen ee Compte de paiement de base ubidden. War d'ING zënter der Aféierung vum Gesetz an dësem Fall? Falls nee, wéi eng Bedingunge vum Artikel 23 hat d'ING net erfëllt?**

D'ING Luxembourg S.A. huet vun Ufank un net zum Krees vun de Banke gehéiert, déi hu misse Basisbezuelkonten ubidden, well d'Bank d'Conditioun vun de 25 Agencen am Land net erfëllt huet (Art. 23, Paragraph 1, vum Gesetz vum13. Juni 2017).

D'Lëscht vun de Banken, déi dës Basisbezuelkonten zu Lëtzebuerg mussen ubidden, ass um Site vun der CSSF ënnert follgendem Link nozeliesen: Comptes de paiement – CSSF

Lëtzebuerg, den 3. Juni 2024

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth